


Question parlementaire N° 1833 de Monsieur le Député Aly Jaerling

Här

Jean SPAUTZ

President vun der Deputéiertekummer



Esch-Uelzecht, den 19. am Hierschtmount 2002

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Ufro un d'
Madame Fraeministesch weiderzeleeden :

Am Haartmount 1995 gouf de Fraeministère an d'Liewe geruff. E gudd Joerzengt virdu scho
gouf, per Gesetz vum 8. am Kréschtmount 1981, d'Gläichbehandlung vu Fra a Mann, wat den
Accès op den Aarbechtsmaart an d'Aarbechtskonditiounen ugeet, offiziell festgeschriwwen. Dat
mam Zil d'« *absence de toute discrimination fondée sur le sexe, soit directement soit
indirectement* » ze erreechen (Artikel 1). Explizit gouf do den Employeuren verbueden an hiren
Aarbechtsofferen iergendeng Referenz op d'Geschlecht vum gesichten Aarbechter ze maachen.
Et gouf sugger virgeschriwwen, datt den « *terme générique du travailleur recherché* » ëmmer
vun de Kierzelen (M) oder (F) begleet muss ginn.

Dofir sinn ech erstaunt ze héieren – an, nom Telefonsbuch vun Äerem Ministère ze uertelen,
schéngt dat ze stëmmen – datt an dësem Ministère nëmme Frae schaffen. Dat ass ëmsou méi
erstaunlech, ewéi et an der offizieller Beschriewong vun de Missiounen vum Fraeministère
heescht « *Les actions du Ministère s'adressent aux femmes et aux hommes* » an, datt eng
sougenannten « *égalité de fait* » tëscht Mann a Fra d'Zil wier.

Dësen Zoustand werft folgend Froen op:

1. Wéivill Fraen a wéivill Männer schaffen am Fraeministère ?
2. Ass de Verdacht gerechtfertegt, am Fraeministère géing eng « *discrimination fondée sur le
sexe, soit directement soit indirectement* » herrschen ?
3. Wéi versicht Dir dësen, anscheinend net onbegrennten, Verdacht ze entkräften ?

Mat déiwem Respekt,


Aly Jaerling

Deputéierten

Äntwert op d'Parlamentaresch Ufro N° 1833 vum 19 September 2002, gestallt vum Här Députéierten Aly Jaerling

Am Fraeministère schaffen 12 Fraen, dovu 4 ganz Deeg an 8 hallef Deeg.

Vun de 4 Posten am 1995 neigeschaafene Ministère sinn 3 Fraen aus dem Familljeministère iwweholl ginn. Si hunn Experienz aus dem konventionnéierte Secteur an aus dem Service à la Condition féminine matbruecht. Eng Fra mat Experienz op kommunalem Niveau am Beräich vun der Fraeförderung an der Gläichstellungspolitik ass ‚Chargée de Direction‘ genannt ginn. Duerno sinn all Posten am Respekt vun der Gesetzgebung ausgeschriwwen ginn.

Méi Frae wéi Männer hu kandidéiert. An den Tester hunn d'Fraen zum Deel besser ofgeschnidden. Hir fachspezifesch Kompetenze ware méi héich wéi déi vun de männleche Kandidaten an den Tester. Hiert Interessen un der Aarbecht fir Gläichstellung a Fraeförderung war méi grouss wéi de Männer hiirt. Et goufen och Männer, déi hir Kandidatur zréckgezunn hunn. 1998 huet e Mann e Congé de maternité am Fraeministère ersat.

Dës Ufro weist op der enger Säit, datt Mentalitéite sech fir eng tatsächlech Gläichstellung a Gläichberechtigung vu Fraen a Männer entwéckelen. Wéi schwierig war et d'Fuederung vun de Fraen no enger gläichberechtigter Bedeelegung um Aarbechtsmaart als e fundamentalt Recht unerkannt ze kréien. Lo wou se do sinn, a 40,2% vun eiser aktiver Populatioun ausmaachen, gëtt engem öffentlechen Déngscht, deen eleng Frae beschäftegt, well hie gréistendeels Fraeninteresse vertritt, eng Benodeelegung op Grond vum Geschlecht virgehät. Wa keng Diskriminatioun bei der Astellung besteet, also de Faktor Geschlecht net zielt, kënnen dat nun mol Frae sinn.

Op där anerer Säit weist d'Ufro, datt et nach keng Selbsverständlechkeet ass, datt Verantwortungsposten eleng vu Frae gedroe kënnen ginn, dat wat Männer Jorhonnerte gemaach hunn ouni datt et a Fro gestallt ginn ass.

